N° 7157
Entrée le 10.11.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 10.11.2022

Här Fernand Etgen
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 10. November 2022

Här President,

Esou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend weiderzeleeden.

Laut eisen Informatiounen sollen dëst Joer, am Géigesaz zu de Jore virdrun, all schréftlech Exame vun de Premières-Schüler am "Secondaire classique" an am "Secondaire général" virun der Péngschtvakanz ofgehale ginn. Am Konkreten heescht dat, dass 2 Woche virun der Vakanz wärend 7 Deeg déi schréftlech Exame sinn, an no der Vakanz da just nach déi mëndlech.

Déi Jore virdru war et ëmmer esou, dass eng Woch schréftlech Exame waren, dann 1 Woch Vakanz - déi d'Studente konnten notze fir ze léieren -, an uschléissend de Rescht vun de schréftlechen Examen an dono d'Oralen.

An deem Kontext wéilte mir folgend Froen un den Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend riichten:

- Kann den Här Minister dës Informatioune confirméieren?
- Wa jo, ass den Här Minister net der Meenung, dass dës Reegelung am Verglach mat de Jore virdrun eng Benodelegung fir d'Schüler duerstellt?
- Ass den Här Minister nach gewëllt, dës Datumer unzepassen - am Sënn vu gläiche Chance fir all Schüler a wuelwësend, dass et fir vill zukünfteg Studenten net nëmme wichteg ass, d'Joer ze packen, mee och eng gewëss Moyenne ze kréien, fir kënnen op d'Uni vun hirem Choix ze goen?

Här President, mir bieden Iech, eisen déifste Respekt unzehuelen.

Martine Hansen

Co-Fraktiounspresidentin

Max Hengel

Deputéierten

CSV-Fraktioun | 13, rue du Rost | L-2447 Luxembourg | Tel. 47 10 55 – 1 | csv@chd.lu

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 7157 vun den honorabelen Deputéierten Martine Hansen an Max Hengel

No Récksprooch mat der nationaler Schülerkonferenz (CNEL) ass den Examenskalenner vun dësem Joer adaptéiert ginn. Duerch eng gutt Preparatioun sollen esou vill Schülerinnen a Schüler wéi méiglech zu hirem Ofschlossdiplom gefouert ginn. An de grousse Linne gesäit den Examenskalenner follgendermoossen aus:

- *10.05 - 12.05:*

  Preparatiounszäit mat sougenannte "journées de consultation", wärend deenen d'Schülerinnen a d'Schüler hiren Enseignanten nach Froen zu der Matière kënne stellen

- *15.05 - 19.05:*

  4 Examensdeeg fir schréftlech Examen

- *22.05 - 26.05:*

  Mëndlech Examen

- *27.05 - 04.06:*

  Päischtvakanz

- *05.06 - 07.06*

  3 Examensdeeg fir schréftlech Examen.

Lëtzebuerg, de 6. Dezember 2022

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH